ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3883

RECU
Par Alff Christian , 17:13, 18/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an den Här Minister vun der ëffentlecher Verwaltung weiderzeleeden.

An de leschte Joeren gräift d'Regierung ëmmer méi staark op d'Expertise vu sougenannte "Consulting Firmaen" zeréck.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Finanzminister an un den Här Minister vun der ëffentlecher Verwaltung:

1) Wéi vill Opträg huet d'Regierung an de Joeren 2018, 2019 an 2020 jeeweils insgesamt u "Consulting Firmae" verginn?
2) Wéi ee Montant huet d'Regierung jeeweils pro uewen driwwer genanntem Joer insgesamt u "Consulting Firmaen" ausbezuelt?
3) Op wéi eng Administratiounen, Ministèren an hir eenzel Servicer sinn des Opträg an deene jeeweilege Joeren entfall?
4) Wéi ee Montant gouf jeeweils fir wéi een eenzelen Optrag bezuelt?
5) Wéi een Optrag ass jeeweils op wéi eng Firma entfall?
6) Op wéi enge Krittäre waren d'Zouweisunge vun dësen Opträg baséiert?
7) Wéi ass séchergestallt, datt des "Consulting Firmaen" just fir spezialiséiert Eenzelexpertise agesat ginn, wann de Staat absolut net op intern Expertise zeréckgräife kann? Dëst schléisst mat an, datt keng Leit ënnerhalb vum nämmlechte Ministère/enger Administratioun aus engem anere Service punktuell kënne fräigestallt ginn.
8) Wéi gëtt déi feelend Expertise bei zukünftege Rekrutementer berücksichtegt, fir de Réckgrëff op privat "Consulting Firmae" sou geréng wéi méiglech ze halen?
9) Huet d'Regierung Kenntnis vu Personal Echangen vun enger "Consulting Firma" op eng ëffentlech Administratioun/e Ministère oder ëmgekéiert?
10) Wa jo, wéi eng "Consulting Firmaen" an ëffentlech Institutiounen (inklusiv dem jeeweilege Service) waren hei betraff?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 12:50, 12/04/2021

Référence : 837xabd80

Luxembourg, le 12 AVR. 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 3883 du 18 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant les consultants engagés par le Gouvernement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144-000003-20040525 FR

**Äntwert vum Här Finanzminister, Pierre Gramegna a vum Här Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n° 3883 vum 18. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zu der "Expertis vu Consulting Firmaen"**

D'Froe vum honorabelen Deputéierten si schonns gréisstendeels mat der Äntwert op d'Fro N°3724 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement beäntwert.

Et ass evident, dass de Staat grousse Wäert drop leet déi intern Expertis an de Ministèren, Verwaltungen a Servicer bestänneg auszebauen. Dofir sinn am Numerus Clausus vum Joer 2020 ganzer 815 nei Posten ETP am Groupe de traitement A1/A2 geschaaft ginn. Fir 2021 sinn, trotz der aktuell ugespaant ekonomescher Situatioun, nach 239 zousätzlech nei Posten ETP am selwechte Groupe de traitement geschaaft ginn. De Centre de compétences des Ressources Humaines vum Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) hëlleft beim Rekrutementsprozess a stellt international unerkannten Tester zur Verfügung fir passend Profiler ze identifizéieren.

All vakante Poste gëtt bei GovJobs publizéiert a jiddereen, deen d'Konditioune fir de gesichte Posten erfëllt, kann seng Kandidatur stellen. Et gëtt keng Statistiken doriwwer, wou déi Leit, déi beim Staat agestallt ginn, eventuell virdrun geschafft hunn, respektiv bei wéi een Employeur déi Leit schaffe ginn, déi vum Staat an de Privatsecteur wiesselen.